**1. Projet** zu Bella Vista, Bolivien: **de Parrainage**. Mat 20-25 Euro pro Mount ënnerstëtzen eis Pätteren a Giedelen Internatsschüler aus der Handwierkerschoul, fir dass si do e Beruff kënne léieren. www.fcv-bo.org

## 2008

### DEZEMBER 2008

Andamos! ass offiziell als Asbl agedroen!




Andamos! mécht 2009 eng éischt Rees a Bolivien, fir am enke Kontakt mat de Leit op der Plaz ze sinn. Fir des Reesen gi keng Spendegelder genotzt!

## 2009

1. Rees

D'Newsletter n°1 kënnt eraus.




## 2010



Zënter 2010 bezilt Andamos **Theatercoursen** fir Kanner a Jonker aus engem Aarmevéirel vu Santiago de Chile. D'Diane Catani ass do mat Leif a Séil engagéiert. www.teatrobus-chile.com

Andamos finanzéiert e **Stipendium** – den éischte vun fënnef. Cristo Vive proposéiert eis jonk Leit, déi e Studium am soziale Beräich wëlle maachen. Déi meescht schaffen duerno am Déngscht vun der Fondatioun.

## 2011

2. Rees

**Elterenaarbecht** zu Bella Vista: Eng Assistante sociale geet bei d'Familljen vu Kanner, déi mësshandelt oder net gutt ernäert ginn. Si bitt och Workshops fir all d'Elteren un.



Eng Educatrice proposéiert Hausaufgabenhëllef fir d'Kanner aus der Primärschoul zu Tirani.



## 2012



Fotoausstellung am Ale Kino zu Veianen.



Di éischt Chrëschtkaarten kommen eraus.

Andamos bezilt elo och e Sozialaarbechter, dee fir de Projet **Puriskiris** schafft. Zu Cochabamba këmmert hien sech em eeler Leit, déi net eleng fir sech suerge kënnen.




## 2013

3. Rees

Mer feieren 5 Joer!



## 2014




De Lycée Ermesinde iwwerreecht eis en Don vum Charity Run



Zu Éilwen am Servior maache mer op d'Problematik vun den eelere Leit a Bolivien opmierksam.

## 2015

Mer huelen un den Ateliers de la solidarité um Fieldgen deel, an entwéckelen dofir e Spill.




2015 gouf och den **Noutfallfong** agesat. Des Kéier, fir engem Jong mat enger uerger Vergëftung ze hëllefen.

## 2016

4. Rees

D'Diane Catani huet, duerch d'Ënnerstëtzung vun den Niños de la Tierra, den Teatro-Bus konnte kafen!



## 2017



Um internationale Scoutscamp „Go Urban" bidde mer eng Aktivitéit zum Thema Kanneraarbecht un.



## 2018

Mer feieren den 10. Gebuertsdag, zesummen mat eise Frënn a Familljen, um Kass-Haff.

## 2019

5. Rees

2019 steet erëm eng Rees a Bolivien un!